Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

20.8.2020 Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

24 **Aug** *2020*

Ënnerschreift elo d'Chamber-Petitioun
https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Petitions/RoleDesPetitions?action=doPetitionDetail&id=2099&fbclid=IwAR3lJRGsojwQu3hBX0Erj0B9WRXd_Pg5SkLqC-ypKcQeU0YFm2AQisZKLrI

Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

Zil ass en lëtzebuergeschen Numm oder den Numm vun enger lëtzebuerger Perséinlechkeet/Sportler fir den neien nationalen Stadion.
Den Numm vum neien Stadion huet eng immens Symbolkraaft hei am Land awer och international.

En lëtzebuergeschen Numm oder den Numm vun enger Lëtzebuerger Perséinlechkeet/Sportler bréngt eng Rei vun Virdeeler:
1- eng méi grouss Akzeptanz vum neien Stadion
2- eng besser Identifikatioun mam Stadion an mam Sport
3- eng méi originell, typesch lëtzebuergesch Ausstralung no baussen
4- am Fall vum Numm vun enger Perséinlechkeet: eng Méiglechkeet esou, eng fir eise Sport oder fir eist Land wichteg Persoun anstänneg ze éieren.
5- en flott Zeechen fir eis Sprooch ze promovéieren an ze weisen.
6- de Lëtzebuerger Nationalstadion wou d'Nationalequippen spillen, soll logescherweis och an der Lëtzebuergescher Sprooch sinn.

Motivatioun: Den neien Stadion ass eng ganz symbolträchteg Plaz fir eist Land, de Numm wäert vun jidderengem bekannt an benotzt ginn. An de nationalen an internationalen Sportmedien wäert den Numm oft virkommen an esou eng Vitrinn fir eist Land duerstellen.

Read more … 20.8.2020 Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

11.8.2020 Ënnerschreift elo d'Chamber-Petitioun -- Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

12 **Aug** *2020*

(comments: 0)

Ënnerschreift elo d'Chamber-Petitioun
https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Petitions/RoleDesPetitions?action=doPetitionDetail&id=2099&fbclid=IwAR0e20vhAs1JADQEJ7ldCs1TcVSpTHD-G1m757F96xJXsDtIT25Ug-E87iY

Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

Zil ass en lëtzebuergeschen Numm oder den Numm vun enger lëtzebuerger Perséinlechkeet/Sportler fir den neien nationalen Stadion.
Den Numm vum neien Stadion huet eng immens Symbolkraaft hei am Land awer och international.

En lëtzebuergeschen Numm oder den Numm vun enger Lëtzebuerger Perséinlechkeet/Sportler bréngt eng Rei vun Virdeeler:
1- eng méi grouss Akzeptanz vum neien Stadion
2- eng besser Identifikatioun mam Stadion an mam Sport
3- eng méi originell, typesch lëtzebuergesch Ausstralung no baussen
4- am Fall vum Numm vun enger Perséinlechkeet: eng Méiglechkeet esou, eng fir eise Sport oder fir eist Land wichteg Persoun anstänneg ze éieren.
5- en flott Zeechen fir eis Sprooch ze promovéieren an ze weisen.
6- de Lëtzebuerger Nationalstadion wou d'Nationalequippen spillen, soll logescherweis och an der Lëtzebuergescher Sprooch sinn.

Motivatioun: Den neien Stadion ass eng ganz symbolträchteg Plaz fir eist Land, de Numm wäert vun jidderengem bekannt an benotzt ginn. An de nationalen an internationalen Sportmedien wäert den Numm oft virkommen an esou eng Vitrinn fir eist Land duerstellen.

Read more … 11.8.2020 Ënnerschreift elo d'Chamber-Petitioun -- Fir en lëtzebuerger Numm vum neien nationalen Stadion

16.7.2020 D'Wiel vun engem net lëtzebuergeschen Numm weist dass eis Sprooch der Regierung an dem Stater Schäfferotegal ass

16 **Jul** *2020*

(comments: 0)

D'Wiel vun engem net lëtzebuergeschen Numm weist dass eis Sprooch der Regierung an dem Stater Schäfferotegal ass: Buergermeeschtesch Lydie Polfer (DP), Sportschäffin Simone Beissel (DP), 1. Schäffen Serge Wilmes (CSV), Sportminister Dan Kersch (LSAP), Xavier Bettel (DP)

Den neien Numm "Stade de Luxembourg" wäert eis an Zukunft all Kéiers drun erënneren dass d'Lëtzebuerger Sprooch keng Roll méi spillt.

All Kéiers wann se um Radio soen: "Mir schalten elo an de Stade de Luxembourg" wäerte mir drun erënnert ginn, dass hei am Land FRANSÉISCH déi Sprooch ass, déi zielt.

D'Zukunft op Lëtzebuergesch ass e Stéck weider gestuerwen.

DP & LSAP & CSV begruewen se. Leur avenir sera en français.

Read more … 16.7.2020 D'Wiel vun engem net lëtzebuergeschen Numm weist dass eis Sprooch der Regierung an dem Stater Schäfferotegal ass

13.7.2020 D'Bevëlkerungsexplosioun ass responsabel fir déi héich Präisser fir d'Wunnen!

13 **Jul** *2020*

(comments: 0)

D'Bevëlkerungsexplosioun ass responsabel fir déi héich Präisser fir d'Wunnen!
Eng vun de groussen internationale Consulting-Firmen, Deloitte, bestätegt dat wat mir scho laang soen. D'Wunnengspräisser ginn ëmmer méi héich wéinst dem onkontrolléierte Wuesstem, deen zu enger Bevëlkerungsexplosioun gefouert huet an domat zu enger ze héijer Nofro un Wunnengen.
Dobäi si mir Europameeschter am Bauen a Verbauen. Lëtzebuerg ass dat Land, dat bei wäitem am meeschten nei Wunnenge pro Joer baut. Pro 1000 Awunner baue mir ronn 12 nei Wunnenge pro Joer. Op Plaz Nummer 2 ass Frankräich mat ronn 7 nei Wunnenge pro Joer op 1000 Awunner.
Bei de Wunnengspräisser sinn 3 Lëtzebuerger Stied ënnert den Top Ten an Europa: d'Stad, Esch, Déifferdeng. D'Stad ass méi deier wéi Inner-London.
Déi eenzeg effektiv Léisung ass fir den Zouwuess vun der Bevëlkerung ze drosselen an zu engem nohaltegen a luese Wuesstem zeréckzekommen.

Quell: (deloitte)
file:///C:/Users/FK/AppData/Local/Temp/deloitte-nl-property-index-2020-final.pdf

Read more … 13.7.2020 D'Bevëlkerungsexplosioun ass responsabel fir déi héich Präisser fir d'Wunnen!

4.7.2020 Lëtzebuerger, sidd houfereg déi am mannste rassisteschst Bierger op der Welt ze sinn.

04 **Jul** *2020*

(comments: 0)

Léif Lëtzebuerger, déi meescht Deputéiert an der Chamber mengen zwar, datt vill vun iech Rassiste sinn a mir e mega Rassismusproblem hunn.

An datt mir d'Auslänner net korrekt behandelen. Genau de Géigendeel ass de Fall!

Mir hunn eis ugepasst. Mir hu mat hinnen d'Sprooch geschwat, déi hinnen am bescht läit, a net eis Mammesprooch an eisem Land. Mir waren tolerant. Mir hunn och de Kanner vun de villen Däitscher, Polen, Italiener, Portugisen a Jugoslawen... eng nei Chance ginn, en neit Liewen opzebauen an sech ze integréieren, eis Sprooch gutt ze léieren an sech als Lëtzebuerger ze fillen! Déi allermeeschten Auslänner, och mat anerer Hautfaarf, sinn iech duerfir dankbar!

Si soen iech Merci fir är Toleranz, obwuel mir lo bal bei 50% Auslänner sinn an eis Mammesprooch ëmmer méi aus dem Alldag verdrängt gëtt!

Mir sinn houfereg déi am mannste rassisteschst Bierger op der Welt ze hunn.

Read more … 4.7.2020 Lëtzebuerger, sidd houfereg déi am mannste rassisteschst Bierger op der Welt ze sinn.